

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

- datt duerch déi sougenannte „kal Progressioun“ d'Akomes vun de Leit de facto progressiv no engem méi héije Steiersaz besteiert ginn, esou datt mat der Zäit d'Kafkraaft ofhëlt,
- datt dovu grad déi kleng a mëttler Akomes am meeschte vun der Progressivitéit vun der Steiertabell betraff sinn,

fuerdert d'Regierung op,

- der Chamber all zwee Joer e Rapport ze maachen, wéi sech déi kal Progressioun par Rapport zu der Kafkraaft vun de Bierger verhält,
- déi sougenannte „kal Progressioun“ doduerch ze kompenséieren, datt d'Steiertabell reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst gëtt, fir datt d'Kafkraaft vum Bierger erhale bleift an d'«équité fiscale» garantéiert ass,
- ze garantéieren, datt d'Bierger duerch eng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun och effektiv vum Index profitéiere kënnen.